Claude Schmit
GSM 021 76 15 35
Bureau an der Schoul: 348 473 222
Fax vun der Schoul 348 473 250
claude.schmit@education.lu
Schoulhomepage :
http://www.restena.lu/primaire/niederanven/home/

Cents, den 15.7.2006

Un d'Buergermeeschteren vun de Gemengen Schëtter a Betzder.

*Betrëfft: nei Tâche fir den Asatz vun der Informatik an de Schoulen ze begleeden*

Gudde Moien

Wi der wësst, huet den Educatiounsministär mech fir d'nächst Jor fräigestallt fir am Beräich Informatik an de Schoulen vun de Gemengen Betzder, Nidderaanwen a Schëtter ze schaffen. Well dat awer en zimmlech vaste Beräich ass a jiddereen bestëmmt eng aner Virstellung vun sou engem Posten huet, wëll ech Iech kuerz skizzéieren wat d'Inhalter vu ménger Aarbecht wäerte sin.

Fir d'éischt awer wëll ech mech kuerz virstellen. Ech schaffe säit 1987 als Schoulmeeschter a säit 1990 an der Schoul zu Nidderaanwen. 1999 ass bei eis an der Schoul en Informatiksreseau (Intranet) ageriicht gin. Dee Moment gouf ech gefrot fir zesumme mat enger Kollegin d'Kontaktpersoun fir d'Techniker ze gin a mir kruten eng Basis-Formatioun fir ze léieren wéi mer déi regelméisseg Administratiounsaufgabe missen ausféieren. Dat wor alles komplett Neiland fir eis. Säit 1-2 Joren këmmeren ech mech praktesch eleng em eise Réseau, ech hu mëttlerweil genuch Erfahrung gesammelt fir eens ze gin. Wat allerdéngs d'Technik vun de Computeren an den Opbau oder d'Konfiguratioun vun de Serveren oder d'Evolutioun vun der Hardware ugeet, do sin ech awer ëmmer nach op d'Hëllef an d'Berodung vu Spezialisten ugewisen. Dofir hu mer zu Nidderaanwen engersäits e Contrat de Maintenance mat enger Computerfirma (Telindus) ofgeschloss, a gräifen anerersäits op eng extern Berodungshëllef zréck (Trilogy) fir de finanzielle Volet z'iwerwaachen an eis bei gréisseren Neiuschafungen ze beroden.

Well ech am Kader vu ménger Tâche op ville Pläng ëmmer méi sollicitéiert gouf, ass et ëmmer méi schwiereg gin, trotz substantieller Décharge, dës Aarbechten mam Schoulhalen gutt ënnert een Hutt ze kréien an dofir sin ech frou, dass ech elo d'Méiglechkeet hun mech em 1 Saach richteg ze këmmeren.
Ech hat am Mee eng Aarbechtssëtzung mat eisem Schoulinspekter wou mer déi Haptinhalter an Ziler vu ménger Tâche festgehalen hun:

1. De Schoulmeeschteren hëllefen d'Computeren pädagogesch ze notzen
    - andeems ech op der Plaz sin a versichen technesch a praktesch Problemer ze léisen (ier en Techniker kontaktéiert gët) an de Schoulmeeschteren, déi bei enger bestëmmter Manipulatioun nët eens gin, hëllefen;
    - andeems ech regelméisseg kleng Workshopen am Beräich Office-Programmer, Lernsoftware, Notzen vum Internet, Basisaféierung an d'Computeren, … organiséieren;
    - andeems ech kleng praktesch Informatiounen per Mail un d'Kollege verschécken;
    - andeems ech an enger Klass bei enger Aktivitéit wou multimedial Méiglechkeete genotzt solle gin a wou den Enseignant sech nët secher genuch spiirt fir dat eleng duerchzeféieren (-oder mech einfach als zousätzlech Ressource beim Plangen an Duerchféieren vun där pädagogescher Aktivitéit „notze“ wëll) dobei sin;

2. Fir all Gebei soll mat de Méiglechkeete vum mySchool-Portal en interne Site (Intranet) opgebaut gin deen suwuel vun doheem aus wi och an der Schoul ka genotzt gin an deen de Schoulmeeschteren e.a. erméiglecht:

   - Dokumenter iwersiichtlech ze stockéieren an de Kollegen zur Verfügung ze setzen;
   - e gemeinsame Kalenner ze féieren an deem all wichteg Aktivitéiten an Terminer vun der Schoul agedroe gin;
   - Säll a Material ze reservéieren;
   - d'Gestioun vun de Bibliothéiksbicher, d'Beschreiwe vun de Bicher, de Prêt méiglechst flott an effizient ze gestalten ;
   - Linken zu all méiglechen Themen déi an der Schoul virkommen oder zu spezialiséierte Säiten déi fir Informatiounszwecker kënne genotzt gin ze konsultéieren;
   - Projektgruppen ze forméieren mat engem eegene Beräich (fir Dokumenter ofzeleeen, Diskussiounen ze féieren, …)
   - online Diskussiounen ze féieren;

3. E grousse Volet wäert weiderhin de Beräich Administratioun vun deenen 3 Réseaue sin. Hei wëll ech op d'Mathëllef vu je engem Schoulmeeschter pro Gebei zréckgräifen, fir dass ëmmer een an all Gebei präsent ass dee bei klenge Problemer intervenéiere kann (sou wäit dat ebe praktesch méiglech ass).

4. Fir all Gebei soll eng Homepage opgebaut gin op där déi wichtegst Informatiounen fir Elteren, Kanner an soss un der Schoul interesséiert Persounen zum Schoulliewen an zur Aarbecht an de Klassen matgedeelt gin.

Konkret wollt ech elo mol sou ufänken, dass ech mäin Haptsëtz zu Nidderaanwen arriichten an dann all Woch je ee Moien an een Nomëtten an déi aner Schoule gin. Méindes nomëttes an donneschtes moies wär ech zu Ruedt, mëttwoch nomëttes a freides moies zu Mënsbëch.
Dat wëll ech awer flexibel handhaben je no Demande a Besoinen.
Computerworkshopen (Mini-Formatiounen) sin normalerweis zu Nidderaanwen am Computersall vun der Schoul, kënnen awer och an engem vun deenen nanere Gebeier ofgehale gin (wann z.Bsp. just Kollegen aus deem Gebei drun deelhuelen).

Bis elo hat ech eng éischt Prise de Contact mat Vertrieder vun deenen 2 Schoulen. Zu Ruedt wor ech e puer mol am Kader vun der Ausschreiwung déi am Gaang ass preparéiert ze gin (Réuniounen mam Stephanie Krier/Marco Maller/Thomas Baltes/Yves Schintgen) an zu Mënsbëch hun ech mam Alain Stemper ugefaang den Inventaire vun der Schoulbibliothéik iwert mySchool ze preparéieren.

Fir déi 2. Woch am September (virun der Rentrée) hun ech e Workshop vun 2,5 h mam Formateur vu mySchool, dem Alain Hoffmann, organiséiert. Hie weist wéi een mat den Outile vu mySchool (ouni gréisser Virkenntnisser) kann Internetsäiten opstellen.

Souwäit fir en éischten Iwerbléck. Fir wieder Froen oder e perséinlecht Gespréich stin ech natierlech all Moment gär zur Verfügung.

Mat beschte Gréiss

Claude Schmit

-Kopie un den Pierre Reding an un de Raymond Weydert an un d'Enseignanten vun deenen 3 Schoulen